PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/09/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister an d'Ministere fir Aussenugeleeënheeten an Europa, Gesondheet, Wirtschaft & Kooperatioun weiderzeleeden.

Wie Heise online den 3ten September mellt, sinn Dokumenter vun der leschter an aktueller Bundesregierung déi drop hiweisen, dass d'Ministeren an d'Kanzlerin sech vun de Lobbyisten a Cheffe vun den Impfstoffhiersteller beaflosse gelooss hunn. Esou ass ënnert dësen Dokumenter eng Email vum CEO vu Pfizer an der hien der Bundeskanzlerin d'Kommunikatioun an Argumenter géint eng Fräigab weiderleet. De Site abgeordnetenwatch.de huet dës Dokumenter publizéiert.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wei eng Kontakter haten d'Ministere mat Entreprisen, Organisatiounen oder Persounen zum Thema Covid-19-Impfstoff Lizenzen an Zwangslizenzen?
2. Ass dem Här Premierminister bekannt op aner Ministeren esou Kontakter haten?
3. Wat si bei dëse Kontakter fir Inhalter diskutéiert ginn?
4. Kann den Här Premier versécheren, dass d'Regierungspositioun géint eng komplett Fräigi vun de Patenter net am Austausch fir eppes anescht gemaach gouf?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député